schonn als Zone d'habitation prioritaire klasséiert sinn am besteeënde Plan sectoriel „Logement", do méi aktiv drun erunzegoen, mat de concernéierte Gemengen an éischter Linn drun erunzegoen, fir d'Entwécklung an de Grapp ze huelen, awer och drun erunzegoen, fir ze kucken, ob een do d'Proprietären entweeder iwwerzeegt kritt, e Projet matzemaachen, oder d'Proprietären och vläicht iwwerzeegt kritt, Terrainen ze verkafen, fir datt duerno de Gros vun den Terrainen dach awer op d'mannst vun deene gedroe gëtt, déi déi Projeten do wëlle realiséieren.

Mir proposéieren och deene concernéierte Gemengen, do gemeinsam Konventiounen ze maache fir den Developpement vun deenen Arealer, fir ze kucken: Wéi plange mer zesummen, wéi déi Terrainen do erschloss kënne ginn? Wéi deele mer eis och d'Käschte fir dee Prozess, dee mer do kënne maachen, fir ze kucken, datt mer op deenen Terrainen do weiderkommen?

De Plan sectoriel aleng ass op jidde Fall net duergaangen. Dee verhënnert eigentlech just, datt näischt aneschters mat deenen Terraine geschitt, a reservéiert se duerno eng Kéier fir Wunnraum, duerch dee méi staarken Engagement och hei vum Staat zesumme mat de Gemengen, de Proposen, fir Terrainen opzekafen. Domadder assuréiere mer och, datt mer der Entwécklung vun deenen Terrainen e Stéckwäit méi no kommen.

Dir wësst och, datt mer e Gesetz hunn iwwert den Aménagement communal, wou mer den Artikel 29bis hunn, deen natierlech momentan net esou dréit, wéi en eigentlech sollt droen. E gesäit vir, datt e gewëssene Prozentsaz an neie PAPe jo och reservéiert gëtt, da souwuel den Terrain wéi awer och dat, wat drop kënnt, fir e Logement abordable. Entweeder gëtt den Terrain cedéiert an da baut d'ëffentlech Hand herno – dat kann eng Gemeng sinn, dat kann en ëffentleche Promoteur sinn – dorobber Logements abordables oder et gëtt direkt vum private Promoteur matgebaut an da geet et zum Gesteeungspräis iwwer un d'Gemeng oder och erëm eng Kéier un en ëffentleche Promoteur. Dat géif natierlech haut vill méi staark dréinen, wann de privaten Immobiliemarché méi géif dréinen, wa méi PAPe géifen entwéckelt ginn, realiséiert ginn. Momentan stockt deen Deel op jidde Fall ganz, ganz kloer. An do si mer och en Tickwäit leidtragend dovunner.

Ech wëll awer soen, datt mer dat largement kompenséieren iwwert deen Opkafprogramm vu Wunnengen um Plang, vu VEFA-Wunnengen, wou mer jo awer an deene leschten zwee Joer schonn en impressionante Chiffer u Signaturë gemaach hu vu Projeten, déi elo am Bau sinn. 2025: 362 Logementer. A wa mer elo kucken, wat nach alles an der Analys ass, an der leschter Phas eigentlech vun der Analys a vun der Negociatioun: nach emol 255 Wunnengen. A mir fueren och domadder weider. Domadder kréie mer jo och den Terrain mat an d'ëffentlech Hand a kënnen et duerno durablement och kontrolléieren.

Dir hutt nach d'Fro opgeworf iwwert de Rôle vun der SNHBM, ob mer do net eng weider Verschibung misste maachen. Déi lescht Regierung ass eigentlech higaangen an huet gesot, d'SNHBM, woubäi se virdru jo éischter d'Vocatioun hat, haaptsächlech fir de Verkaf ze bauen, abordabel ze verkafen, den Terrain wuel ze halen an de Steen zum Gesteeungspräis eigentlech um Marché unzebidde mat engem Réckkafrecht ..., datt gesot ginn ass, dat soll nach just zu 60 % an der Moyenne vun hire Wunnenge gemaach ginn a 40 % sollen och an d'Locatioun goen. Ech fannen dat eigentlech e gudde Kompromëss, deen op d'mannst an der Moyenne vun deem, wat realiséiert gëtt, soll ugestrieft ginn. Ob mer deen allkéiers an all eenzelnem Projet erëmfannen, dat ass dann nach eng aner Fro. Mee et ass op jidde Fall meng Virgab a mäi Wonsch, datt d'SNHBM do un hirer Politick näischt ännert.

Ech fannen nämlech och, datt mir grad an där Situatioun, wéi de Marché momentan ass, bei héije Präisser, bei héije Finanzéierungskäschten, wuel nach ëmmer eng grouss Verantwortung hu fir déi Familljen an déi Mënschen am Land, déi net abordabel kënne wunnen an net abordabel kënne lounen. Mee mir hunn der och mëttlerweil ganz vill, an dat geet bis an d'Mëttelschicht eran, déi do och Schwieregkeeten hunn ze kafen. An ech mengen, datt d'Politick och eng Verantwortung huet fir déi Leit, fir déi Mënschen a fir déi Familllen. An duerfir géif ech eigentlech elo dervunner ofroden, deen ee géint deen aneren do auszespillen, deen, deen abordabel wëll lounen, an deen, deen abordabel wëll kafen.

Mir sinn an enger Situatioun, wou jiddereen eigentlech gläichermoossen touchéiert ass. An dat, wat ech hei soen, geet jo net au détriment vun deenen, déi abordabel wëlle lounen, well mer hu vill, vill méi och an dësem Joer an am leschte Joer an abordabel Locatiounswunnengen investéiert, fir se ze realiséieren, wéi dat an deene Jore virdrun de Fall war. Mir brauche béides a mir brauche vu béidem méi.

Datt mer awer och virukommen, Här President – an da wëll ech och schonn ofschléissen –, weisen eigentlech och d'Chifferen an d'Depensë vun dem Fonds spécial: 2024 hate mer do nach Depensë vun 224 Milliounen Euro, 2025 hate mer Depensë vu 473 Milliounen Euro. Dat heescht, de Bagger rullt leider net am Privatsecteur, de Bagger rullt awer am Logement abordable, an dat an engem ganz impressionante Mooss, mat engem Plus vun 2024 op 2025 vun 111 %. An ech hoffen, datt mer an där doter Richtung och kënne weiderfueren. An dat ass sécherlech net aleng de Meritt vun der Regierung, mee dat sinn och Gemengen, dat sinn och Associatiounen, dat ass och natierlech de Privatsecteur, déi VEFA-Projeten ubidden, déi mer opkafen, déi dat dote Resultat ervirbruecht hunn. An an déi Richtung wëlle mer och ganz gären déi nächste Jore weiderschaffen.

Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Dir hutt zwar keng Zäit méi fir eng Zousazfro, mee Dir haalt se ganz, ganz kuerz, wannechgelift.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Ganz kuerz. Ech wëll och hei kee quälen.

Merci fir d'Äntwerten. Ech hat mech och am Virfeld mat engem Member vum Gemengerot vun der Stauséigemeng justement a Kontakt gesat, fir ze wëssen ... An ech verstinn, ech hu wierklech Verständnis fir déi Decisioun, déi se, mengen ech, souguer unanime geholl hunn, well et war warscheinlech déi beschten Decisioun, déi se konnten huelen an deem Kontext, datt se duerno dann awer och méi bëlleg wéi op anere Plaze verkaaft hunn.

Meng Fro ass awer, Dir sot elo grad: „Jo, de Staat verkeeft net privat, mee e kann zum Beispill u Gemenge weiderverkafen", an do stellt sech d'Fro, well et gëtt Gemengen, zemools méi kleng Gemengen, déi och net onbedéngt iwwer e Service architecte verfügen et cetera an déi dann duerno vläicht an eng Situatioun komme wéi déi heiten, wou se dann awer net méi deem kënnen nokommen, wat se ursprénglech wollten, ob de Staat oder de Ministère dann net awer do am Virfeld dat kann analyséieren, fir sécherzegoen, datt eng Gemeng duerno net an enger quokeleger Situatioun ass, wéi dat grad bei dëser Gemeng oder bei anere Gemengen de Fall war.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Här Minister.

**M. Claude Meisch,** Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire | Ech probéieren och, kuerz ze sinn. Ech wëll et nach eng Kéier ënnersträichen, ech mengen, datt do elo eppes falsch verstane ginn ass, well et war net d'Gemeng, déi an enger quokeleger Situatioun war. D'Gemeng war eigentlech Demandeur, datt d'SNHBM do sollt bauen. An d'SNHBM huet gesot: „Wa mir no eisem übleche Modell do bauen, gi mir déi Wunnengen zu de jëtzege Konditiounen net lass."

Ech wëll hei eng Lanz brieche fir d'Stauséigemeng, well d'Stauséigemeng ass eng Gemeng, déi sech ganz staark am Wunnengsbau engagéiert ...

**Une voix** | Ganz richteg!

**M. Claude Meisch,** Ministre du Logement et de l'Aménagement du territoire | ... an elo net nëmmen deen dote Projet jo zum Deel opkaf huet, fir en ze entwéckelen a weiderzeverkafen, mee dat och nach mat anere Projeten an hirer Gemeng gemaach huet an och nach wäert maachen.

An ech géif mer och Gemenge wënschen, déi sech vläicht um fräie Marché do nach méi staark géifen engagéieren, wéi se dat haut maachen, well mer wëssen, datt et dann och zu vernënftegen an och zu sozial ausgeriichte Konditioune géif geschéien.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär dëse Punkt dann ofgeschloss.

## 12. 8379 – Proposition de révision de l'article 15 de la Constitution (suite)

Zum Schluss vun der Debatt, déi mer virdrun iwwert de Changement vun der Constitutioun haten, hat d'ADR nach eng Motioun ofginn, déi ech vergiess hunn, zum Vott ze stellen nom Schluss vun där Debatt. Ech géing dat da wëllen elo nohuelen, well d'ADR e Recht huet, datt iwwer hir Motioun hei an dem Plenum ofgestëmmt gëtt oder driwwer diskutéiert gëtt. Dofir froen ech: Här Keup, wëllt Dir nach eng Kéier d'Wuert dozou huelen?

***Motion 1***

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, gären, Här President, villmools merci. Ech mengen, wa mer esou eng Ännerung vun der Verfassung wëllen hei an der Chamber stëmmen, déi en plus néierens virgesi war an engem Walprogramm vun de Regierungsparteien, da wier et gutt, wann een och d'Populatioun méi breet géif matabezéien, dat am Sënn vun engem ganz demokratesche Prozess.

An duerfir si mer hei derfir, dass vum Vollek duerch e Referendum iwwert dat Ganzt ofgestëmmt soll ginn. Dat géif dann och derzou féieren, dass dobaussen d'Thematik méi breet diskutéiert gëtt, dass méi Leit sech och fir d'Politick interesséieren an dass et duerno ganz basisdemokratesch och d'Bierger hei am Land sinn, déi d'Decisioun huelen, ob déi Verfassungsännerung soll kommen oder net. A wéi dann ofgestëmmt gëtt, dat géife mer da respektéieren. Mee ech mengen, et wier wichteg, dass d'Vollek bei esou Punkte matentscheede kann, wat geschitt.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Wie wëllt zu dëser Motioun Stellung huelen? Ech gesinn e puer Leit. Fir d'éischt fänke mer u mam Här Baum, dann den Här Goergen an d'Madamm Agostino. Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk), auteur-rapporteur | Jo, merci, Här President. Als Alleréischt, nodeems mer

elo grad e Vott an éischter Lektür mat 48 Jo-Stëmme geholl hunn, also mat enger Fënnefsechstelmajoritéit, gëtt et eiser Verfassung no zwou Méiglechkeeten, wéi ee kann e Referendum maachen: Dat eent si 25.000 Ënnerschrëften, dat anert ass d'Demande vu 15 Deputéierten. Dat, wat d'ADR hei freet, ass tout simplement irrecevable. Si fuerdert nämlech d'Regierung op, e Referendum ze maachen. Dat geet net! Den Artikel 131 vun eiser Verfassung gesäit genau d'Konditioune vir, a wéi engem Kontext Referenden zu Verfassungsfroe kënne gemaach ginn. Wann Der dat gemaach hätt, eng Resolutioun, woufir Der 15 Deputéiertenënnerschrëfte gebraucht hätt, da wier se recevabel gewiescht an dann hätte mer kënnen iwwert de Fong schwätzen. Sou ass et, menger Meenung no, souguer verfassungswiddreg, wann een dat hei géif matstëmmen.

*(Interruption par M. Claude Haagen)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci. D'Prozedur ass effektiv fragwürdeg. Dir hutt se e bësse spéit eragereecht. Mee prinzipiell sinn ech der Meenung, dass een ëmmer e Referendum soll kënne maachen. Op wéi eng Aart a Weis Der et herno wëllt stattfanne loossen, ass déi aner Fro. Mir hu kruzial ënnerschiddlech Meenungen an dësem Theema, mee trotzdeem sinn ech awer der Meenung, dass och bei dësem Theema d'Leit hätte solle gefrot ginn, sou wéi bei ganz villen aneren Theemen och, wou leider de Courage vun der Politick net do ass, d'Leit ëm hir Meenung ze froen. Duerfir wäert ech dat haut matstëmmen.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. Ech gesinn, et ass keng aner Wuertmeldung zu dësem Sujet do.

Da géing ech dës Motioun, d'Motioun vun dem Här Fred Keup, och zum Vott stellen.

***Vote sur la motion 1***

Ech maachen de Vott op. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 8, Nee: 52, Abstentioun: 0. Dës Motioun ass also mat 52 Nee-Stëmme géint 8 Jo-Stëmmen ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement : la motion 1 est rejetée par 7 voix pour et 53 voix contre.*

*Ont voté oui : MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;*

*MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt), Charles Weiler (par Mme Octavie Modert), Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Stéphanie Weydert) et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Gusty Graas), Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana (par Mme Taina Bofferding), Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

## 13. Motion de M. Fred Keup relative à l'élaboration d'une étude sur l'utilisation de la langue luxembourgeoise dans les crèches

*(Motion déposée en séance publique n° 123 du 22 janvier 2026 – à consulter au compte rendu n° 50/2023-2028 en page 16)*

An da komme mer zum nächste Punkt, zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Motioun vum Här Fred Keup, déi der Regierung den Optrag gëtt, eng Studie iwwert d'Férderung vun der Lëtzebuerger Sprooch a Crèchen ze maachen. Wéi üblech huet den Auteur 5 Minutten, all Fraktioun huet 5 Minutten, all Sensibilitéit huet 2 Minutten, d'Regierung huet 5 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Ricardo Marques, d'Madamm Barbara Agostino, d'Madamm Francine Closener, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Marc Goergen an den Här David Wagner. Den Här Keup huet elo d'Wuert. Här Keup.

***Exposé***

**M. Fred Keup** (ADR), auteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm d'Lëtzebuergescht an de Crèchen an och méi allgemeng ëm d'Sproochen, déi an eise Crèchë geschwat ginn. Ech wëll do verschidde Constate maachen.

Deen éischten, dat ass, dass Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg eegenen Aussoen no festgestallt hunn, dass et grouss Ënnerscheeder gëtt tëschent de fréikandleche Betreiungsstrukturen am Land an datt een net genau weess, wou a wellechem Mooss wéi eng Sprooche méi oder manner gefërdert ginn. A si hunn och ofgeschloss domadder, dass ee mol misst eng Analys maachen, e Projet, wou d'Qualitéit vun de Crèchen zu Lëtzebuerg géif systematesch ënnersicht ginn, well et dat net gëtt. Ech zitéieren d'Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg.

Zweete Constat: Vill Elteren am Land beschwéiere sech, datt bei hirem Kand an der Crèche keen oder bal kee Lëtzebuergesch geschwat gëtt, an dat, obschonns d'Gesetz vun 2017 iwwert d'Kannerbetreiung ënner anerem festhält, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an de Crèchë bei alldeeglechen an usuellen Aktivitéite soll benotzt ginn. An ech zitéieren och nach eng Kéier deen Artikel an der geschriwwener Press, wou och grad zu Diddeleng de Buergermeeschter vun Diddeleng, den Här Biancalana, gesot huet, dass an de privaten, konventionéierte Crèchë ganz oft kee Personal wier mat Lëtzebuergeschkenntnisser, dass dat d'Realitéit ass an dass et och net méiglech wier fir d'Gemengen, dat ze kontrolléieren.

An dann, drëtte Punkt, ass et esou: Mir hate mol den Här Meisch gefrot: „Jo, wéi vill Leit schaffen dann an de Crèchen am Land, déi konventionéiert sinn? A wéi vill vun deenen hunn déi néideg Lëtzebuergeschkenntnisser?" Offiziell ass et esou, dass an all Crèche eng Persoun mat engem Niveau C1 am Lëtzebuergesche soll 40 Stonne schaffen. Dat ass eisen Informatiounen no awer net de Fall. Duerfir hu mer den Här Minister gefrot. Dat si jo Crèchen, déi kréie Sue vum Staat an enger Konventioun, fir dat ëmzesetzen, wat mir hei am Gesetz decidéiert hunn. An den Här Meisch huet mer deemools geäntwert, dass de Ministère kee Kenntnisstand huet iwwert déi genee Zuel vu Leit, déi den Niveau C1 hunn an de Crèchen, wat jo ganz einfach festzestelle wier.

Et stellt een also fest, ënnert dem Stréch, dass d'Uni. lu seet, et misst eng richteg Analys gemaach ginn, et misst eng richteg Evaluatioun gemaach gi vum Terrain, déi et net gëtt. Et stellt een och fest, dass vill Crèchen net esou fonctionéieren, wéi se sollten. An net zulescht den Här Biancalana huet dat jo och gesot. Et gëtt also kloer e Problem, wat d'Sproochen a besonnesch d'Lëtzebuergescht ugeet. A mir stelle fest, dass d'Regierung, de Ministère, och net weess, wéi d'Sproochekenntnisser vum Personal an de Crèchë sinn, an och net weess, wéi vill der iwwerhaapt Lëtzebuergesch schwätzen, dat alles bezuelt vum Steierzueler.

Elo kann een natierlech d'Aen zoumaachen a soen: „O, iergendwéi klappt dat schonn an iergendwéi maache mer Kontrollen." Déi sinn eeben net do. Et gëtt och keng Analys. An duerfir maache mer hei déi Motioun, wou mer einfach fuerderen, dass d'Regierung déi Analys um Terrain vun der Sproochesituatioun an de Crèchë mécht.

Ech soen Iech Merci.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Très bien!

**M. Dan Hardy** (ADR) | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass d'Barbara Agostino. Madamm Agostino.

***Discussion générale***

**Mme Barbara Agostino** (DP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Motioun fuerdert d'Regierung op, eng nei systematesch Etüd iwwert d'Qualitéit vun de Crèchen ze lancéieren, mat engem spezielle Fokus op d'Férderung vum Lëtzebuergeschen. Loosst mech direkt soen: D'Qualitéit an der fréikandlecher Bildung ass wichteg an d'Lëtzebuerger Sprooch ass wichteg. Dat stellt keen a Fro. Mee grad well et wichteg ass, musse mir op Basis vu Fakten diskutéieren an net den Androck vermëttelen, wéi wann näischt géif geschéien.

Zënter dem Gesetz vum 29. August 2017 hu mir e klore legale Kader fir d'Qualitéit an den Accueilstrukturen. D'Gesetz schreift kloer vir, datt d'Lëtzebuerger Sprooch an den alldeeglechen an usuellen Aktivitéite benotzt sollt ginn. Et definéiert d'Qualitéitskrittären, et verankert pedagogesch Prinzippien an et huet dozou geféiert, datt e ganze System vu Qualitéitssécherung opgebaut gouf.

Et gëtt en nationale Referenzkader fir d'nonformal Bildung. Et gëtt systematesch Weiderbildung fir d'Personal. Et gëtt pedagogescht Coaching. Et gëtt Evaluatioun. Dat ass keng Theorie, dat ass konkreet Praxis um Terrain.

An och bei de Sproochekompetenzen ass d'Gesetz kloer. An all Struktur muss mindestens eng Persoun mat C1 am Lëtzebuergeschen an eng Persoun mat C1 am Franséische present sinn. Vill Strukturen am Land ginn nach méi wäit a bauen op eng multilingual Kompetenz am Team. Dat ass d'Realitéit.

Mee kucke mir eis och d'Kontrollen un: 2019 goufen am Kader vum Agrement 81 Kontrolle sur place duerchgefouert. 2024 waren et der 714. Dat ass bal eng Vernéngfachung bannent fënnef Joer. Vun deene 714 Kontrollen am Joer 2024 waren 348 administrativ Kontrollen, 205 Finanzkontrollen an 161 onugekënnegt Kontrollen op der Plaz. An dobäi bleift et net: Zousätzlech goufen 2024 nach 1.244 Visitte vun Agent-régionallen duerchgefouert, dat heescht iwwer 1.000 zousätzlech Presenzen um Terrain. Dat ass keng Theorie, mee eng massiv verstäerkt Kontroll a Begleedung.